N° 7840
Entrée le 19.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 7840 vun den honorabelen Deputéierte Gusty Graas a Max Hahn zum Sujet « Centre d'incendie et de secours commun de Bettembourg et Dudelange »**

Als éischt wëll ech déi zwee Deputéiert drun erënneren, dass de Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) en eegestännegen an onofhängegen Etablissement public ass, deen opgrond vum Artikel 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet eng eege *Personnalité juridique* huet a finanziell an administrativ autonom ass.

Ech kann den Deputéierten aus deem Grond just soen, dass de Projet vun engem gemeinsamen Asazzenter fir d'Corpse Beetebuerg an Diddeleng an der Industriezon "Riedgen" menges Wëssen no vum CGDIS net a Fro gestallt gëtt an nach ëmmer realiséiert wäert ginn. Iwwert de genaue Stand vun den Demarchen vum Projet hunn ech keng Kenntnis.

Ech sinn awer fest dovun iwwerzeegt, dass de CGDIS kee vu senge Corpse jee wäert "hypothekéieren".

Lëtzebuerg, den 19/04/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding